Neben den eigenen Jugendangeboten fungiert das Jugendbureau auch als Beratungsstelle für Gemeinden und andere Strukturen rund um das Thema der Partizipation. Gemeindevertreter*innen und andere Entscheidungsträger*innen sollen für die Bedeutung und Wichtigkeit der Partizipation junger Menschen sensibilisiert werden. Des Weiteren werden sie je nach Bedarf auch bei der Planung und Umsetzung von Beteiligungsprojekten innerhalb ihrer Gemeinde vom Jugendbureau unterstützt.

PRAXISBEISPIEL: DER JUGENDGEMEINDERAT WINCRANGE

Eines dieser Projekte ist der Jugendgemeinderat (JGR) der Gemeinde Wincrange. Dieses Gremium ist repräsentativ-parlamentarisch aufgebaut und ist in die Strukturen der Gemeinde eingebunden. Jugendliche im Alter von 12 bis 26 Jahren haben hier die Möglichkeit, ihre Interessen zu vertreten, eigene Projekte zu entwickeln und die Gemeindepolitik beratend zu unterstützen.

Seit sechs Jahren gibt es den JGR bereits und in dieser Zeit haben sich 18 verschiedene Jugendliche engagiert. Für jeweils



DIE STIMME EINER JUGENDLICHEN AUS DEM JUGENDGEMEINDERAT

Wat ass wichteg fir eis Jugendlecher?
 Fir eis Jugendlecher ass et wichteg, datt mir Plazen
 hunn, wou mir eis fräi kënnen treffen, austauschen
 an eppes zesumme maachen. Gutt
 Fräizäitméiglechkeeten, egal ob Sport, Musek oder
 Kultur, sinn dobäi eng grouss Saach. Mir wëllen
 awer net nëmmen deelhuelen, mee och
 matschwätzen an eppes beweegen. D'Meenung vun
 der Jugend soll an der Gemeng Gehéier fannen,
 well et geet jo ëm eis Zukunft. Theme wéi
 Nohaltegkeet, Mobilitéit an eng lieweg, sécher
 Gemeng spillen do eng grouss Roll. Am
 Jugendgemengerot setze mir eis dofir an, datt
 d'Interesse vun de Jonken eescht geholl an och
 konkret ëmgesat ginn.
 Duerch meng Zäit am Jugendgemengerot hunn ech
 geléiert, datt meng eege Stëmm och als Jonken
 zielt an eppes bewierke kann. De Jugendbureau
 huet mech dra bestärkt meng Meenung ze
 äusseren a mech fir dës anzusetzen. (Anne,
 früheres Mitglied des Jugendgemeinderates)

EINIGE BEISPIELE VON PROJEKTEN

Der JGR Wincrange hat bereits mehrere Projekte umgesetzt. Hier einige Beispiele:

- Entwurf eines eigenen Logos und Sichtbarkeit durch Merchandise (Trinkflaschen, Kugelschreiber, Jutebeutel, ...)
- Workshops in den Maison Relais im Cycle 4 zu den Themen Umweltverschmutzung und Erste Hilfe
- Vorschlag zum Aufbau der Prämien, die die Jugendlichen aus der Gemeinde für ein erfolgreiches, abgeschlossenes Schuljahr erhalten
- Präsenz bei Events (Naturparkfest Our, Schulfest Wintger...)
- Entwurf des Layouts der Wasserspender auf dem Sportgelände
- Graffiti-Workshop öffentlich für alle Jugendlichen der Gemeinde, um ihre Ideen und Feedback zu der Gemeinde zu sammeln.



zwei Jahre steht den Jugendlichen ein Budget von 5.000 Euro zur Verfügung, mit dem sie eigenständig Projekte planen und umsetzen können. Zudem werden klare Rollen verteilt – Präsident*in, Vizepräsident*in, Sekretär*in und Schatzmeister*in.

Damit der JGR gelingt, braucht es klare Rahmenbedingungen. So ist zu Beginn des Projektes gemeinsam mit den Jugendlichen eine Charta erstellt worden, die regelmäßig überarbeitet und vom Gemeinderat unterschrieben wird. Der Austausch mit dem Schöffen- und Gemeinderat ist besonders wichtig, damit die Jugendlichen erleben, dass ihre Anliegen ernst genommen werden. Nach jeder Sitzung – die im Schnitt alle sechs Wochen stattfindet – senden die Jugendlichen einen Bericht an den Schöffenrat. Am Ende jedes Jahres nehmen die Mitglieder auch an einer Sitzung des Gemeinderates teil, um ihre Arbeit zu präsentieren. Eine zentrale Rolle im JGR Wincrange spielt die Begleitperson, die vom Jugendbureau gestellt wird. Sie unterstützt die Jugendlichen organisatorisch, hilft bei Fragen und sorgt dafür, dass niemand überfordert wird. Gerade weil sich die Gruppe regelmäßig verändert und jedes Jahr andere Bedürfnisse hat, ist diese kontinuierliche Begleitung entscheidend. Die Begleitperson baut eine Brücke zwischen Jugendlichen und Gemeinderat, gibt Sicherheit und schafft den Rahmen, in dem die Jugendlichen ihre Ideen frei entfalten können.

ERFAHRUNGEN

Die bisherigen Erfahrungen in Wincrange zeigen, wie wertvoll Beteiligung für junge Menschen ist. Wichtig ist dabei, flexibel zu bleiben: Je nach Zusammensetzung der Gruppe braucht es mal mehr, mal weniger Begleitung. Entscheidend bleibt, dass Jugendliche dort abgeholt werden, wo sie stehen, und dass ihre Anliegen im Mittelpunkt stehen. Der Jugendgemeinderat ermöglicht Jugendlichen, konkrete Erfahrungen in Demokratie, Verantwortung und Mitgestaltung zu sammeln. Gleichzeitig signalisiert die Gemeinde: Eure Stimme zählt.

VORTEILE FÜR JUGENDLICHE UND GEMEINDE

Die Arbeit im JGR bringt Jugendlichen zahlreiche Chancen:

- Eigene Ideen einbringen und gemeinsam mit anderen verwirklichen.
- Verantwortung übernehmen und lernen, wie politische Entscheidungen entstehen.
- Teamarbeit üben – vom Diskutieren bis zur Verteilung von Rollen und Aufgaben.
- Selbstwirksamkeit erleben, indem sie sehen, dass ihr Engagement konkrete Veränderungen bewirkt.

AUCH DIE GEMEINDE PROFITIERT

Sie erhält unmittelbaren Zugang zu den Anliegen und Bedürfnissen der jungen Menschen. Dadurch entstehen Entscheidungen, die näher an der Lebensrealität der Jugendlichen liegen. Gleichzeitig wird eine nachhaltige Partizipationskultur aufgebaut, die das politische Interesse in der Bevölkerung langfristig stärkt.



KONTAKT JUGENDBUREAU

Jugendbureau
8, Gruberbeerig L-9538 Wiltz

- jugendbureau@cooperations.lu
- Facebook & Instagram
- www.jugendbureau.lu (coming soon)

Les dates à ne pas manquer!

Il vous manque une date importante? Contactez-nous : communication@snj.lu


13-16.12.25

Makerfest

Forum GeeseKnäppchen

Beim Makerfest geet alles ëm d'Kreativitéit, nei Technologien an den Entrepreneur-Geescht. Um Programm: Design, 3D-Modelléierung, Programmation, Musek, Bitzen, Holzaarbecht – kommt nei Techniken léieren an entdecken. Aktivitéit fir Kanner ab 8 Joer a fir Jonker.

Méi Infoen op base1.lu




14.12.25

Art Challenge

BEE SECURE organiséiert fir d'éischt Kéier en Art Challenge fir Jonker vu 7^e bis 1^{re}. D'Thema fir dës éischt Editioun ass Cybermobbing. Déi Jonk kënnen eenzel, an enger Grupp oder als ganz Klass matmaachen a flott Präisser gewannen. Umeldung bis de 14. Dezember

Méi Infoen op www.bee-secure.lu/art-challenge




18.02.26

Deng Zukunft - Däi Wee

Zilgrupp: Jonker tëschent 13 a 16 Joer

Deng Zukunft - Däi Wee - D'Infobourse fir Jonker, déi sech iwwer déi verschidden Optiounen an de Beräicher Engagement, Formation, Beruffer an Orientatioun wëllen informéieren. D'Editioun 2026 fënnt am Belval Plaza statt.

All Informatiounen zu den Exponenten op dwdw.lu



07.03.26

Videoconcours: Crème Fraîche

Kinopolis Kirchberg

Déi 15. Editioun vum Videoconcours Crème Fraîche ass lancéiert. Jonker tëschent 12 an 30 Joer aus Lëtzebuerg kenne jee no Alter an dräi Kategorien um Concours deelhuefen:

- Crème Surprise - Onerwaart 90 Sekonnen
- Hotel Fraîche - Een Dréibuch aus dem Zëmmer 15
- Zenario+ - Fir déi mat méi Erfahrung

Deadline: 3. Februar 2026

Méi Infoen op cremefraiche.lu



01.05.26

„On Stéitsch“ Umeldung

Kenns du Jonker tëschent 12 an 29 Joer, di wëlle weise wat si drop hunn? Oder wëllt dir äre Projet/Associatioun präsentéieren? Da mellet lech online bis den 01.05.2026 fir den „On Stéitsch“ un. Mir bidden de Jonken an dem Jugendsektor eng Plattform wou si am September 2026 um Festival mam Publikum a Kontakt komme kënnen an dat iwwert ganz verschidden Ausdrucksformen: Danz, Musek, Theater, Poesie, Literatur, Sport, Zirkus, Fotografie, Molen, ...

Méi Infoen op onsteitsch.lu




28. - 30.05.26

Naturkolonie

Zilgrupp: Jonker tëschent 13 a 16 Joer

De Centre SNJ Hollenfels „Natur erliewen“ organiséiert an der Péngschtvakanz 2026 eng Naturkolonie zu Huelmes. Feier maachen, Schnëtzen, a Kachen an der Natur, dat alles an nach villen méi steet um Programm.

Méi Infos an Umeldung op www.colonies.lu




NUIT 2026 DU SPORT

06.06.26

Nuit du Sport

Nei Sportarten ausprobéieren an dobäi d'Freed un der Beweegung (nei) entdecken? Op der Nuit du Sport kann ee genau dat maachen an dat a ville Gemengen uechtert d'Land. Maacht mat äre Jonke mat a probéiert aus.

Méi Infoen op nuitdusport.lu



07. - 21.06.26

JuKoWo – JugendKOnschtWOch Espace H2O

La JuKoWo est une grande expo d'artistes entre 12 et 26 ans, toutes disciplines confondues, à l'Espace H2O. L'édition 2026 se déroulera du 7 au 20 juin 2026.

Le thème de l'édition 2026 est «Paix».

Vernissage : samedi 6 juin 2026 à 19 h

Remise des prix : dimanche 21 juin 2026 à 11 h

Délai de candidature : 22 février 2026.

Plus d'informations : <https://differdange.lu/vivre/vivre-ensemble/jeunes/jukowo/>




11.07.26

Mëttendran- De Jugendfestival

Am Amphitheater um Kierchbierg

E Festival, wou Kreativitéit, Musek, Bewegung an DIY-Kichen zesummekommen. Ateliers, Aktivitéiten a Live-Performance vu jonke Leit fir jonk Leit. Sidd bei der zweeter Editioun dobäi!

Méi Infoen op jugendfestival.lu



14.06.26

NaTOURerlebnisdag zu Huelmes

Entdeckt op ofwiesslungsräiche Statiounen déi villfälteg Natur ronderëm Huelmes.

En Erlefnis fir Grouss a Kleng.

Méi Infoen op huelmes.lu



Suivez-nous sur les réseaux sociaux pour avoir les dernières informations !

: @snj.lu

: @snj_luxembourg



On Stéitsch 2025

Den On Stéitsch Festival, op senger neier Location am Schluechthaus zu Hollerech, war och dëst Joer nees eng wichteg Plattform fir déi jonk Kulturzeen zu Lëtzebuerg.

Déi 18. Editioun vum **On Stéitsch Festival** huet ville Jonken eng kulturell a sozial Plattform gi fir sech an Zeen ze setzen. Dobäi ass déi nei Location am Schluechthaus zu Hollerech immens gutt ukomm. Ronn 52 Optrëtter vun 170 jonke Kënschtler goufen op 3 Bühne presentéiert. De Festival huet erëm eng grouss Villfalt u Konscht, Musek a Kreativitéit gebueden – alles vun a fir Jonker.

Mat enger Mëschung aus **Concerten, Danz, Poesie a Sport op de Bühnen esou wéi Parkour-, Skate- a Konscht-Workshops, enger Expo** a verschiddene **Stänn vu Jugendinitiativen**, huet de Festival bewisen, datt d'Jugend hei am Land näischt manner wéi voller Energie an Iddien ass. Iwwer de ganzen Dag huet ee kënnen duerch déi verschidde Beräicher trëppelen,

lokal Kënschtler entdecken, un Aktivitéiten deelhuefen oder einfach déi flott Atmosphär genéissen.

De Festival huet nach eng Kéier gewisen, wéi wichteg et ass, deene Jonken eng Stëmm an eng Plaz ze ginn, wou si sech ausdrécke kënnen.



D'nächst d'Joer geet et weider an et kann ee sech elo scho umellen: www.onsteitsch.lu



Festival des Cabanes

Kreativitéit, Teamgeescht an eng gutt Portioun Fantasie – dat war de Festival des Cabanes am Stater Park! Am Kader vun der LUGA hunn eng 80 jonk Leit aus dem ganze Land Cabanen entworfen an zum Deel gebaut, ganz am Sënn vum Motto „rendre visible l'invisible“.

Am Kader vun der LUGA (Luxembourg Urban Garden) huet dëst Joer déi 5. Editioun vum Festival des Cabanes am Stater Park stattfonnt. Ënnert dem Motto „rendre visible l'invisible“ gouf de Park an e märchenhaften Universum verwandelt, wou Fantasie a Mythologie lieweg gi sinn.


Dat Ganzt huet mat engem Concours ugefaangen, bei deem 16 Projeten agereecht goufen. Eng Jury mat ganz ënnerschiddlechem berufleche Background ass zesummekomm, an huet d'Projete bewäert fir festzeleeën, wéi eng duerno dierfen ëmgesat ginn. Ronn 50 Jonker aus dem ganze Land hunn dunn um Camp de construction deelgeholl, an dobäi sinn 11 Cabanen entstanen.

Beim Festival des Cabanes goung et net nëmmen ëm Handwerk, mee och ëm Teamgeescht, Kreativitéit, Naturbewusstsein an d'Freed um Entdecke vun neie Fäegkeeten. Et sollt sou vill wéi méiglech Material aus Recycling-Zenteren oder aus der Economie circulaire benotzt ginn, fir deem ganzen ee méi

ëmweeltfrëndlechen Touch ze ginn. Iwwer dräi Deeg, direkt um Ufank vun de Sommervakanz, hu sech déi Jonk am Park getraff, fir hir Cabanen ze bauen. Uschléissend gouf et ee flotte Vernissage am Park, un deem och de Minister Meisch deelgeholl huet.

Iwwer zwou Woche konnten d'Cabanen dunn am Park bestaunt ginn.

Hei e puer **Andréck**



GoodFoodLoop Beweeegung, Wuel- befannen & gesond Ernärung

De Projet GoodFoodLoop ass eng Initiativ vum Service national de la jeunesse an ass Deel vun der Campagne „Screen-Life Balance: Manner Ecran – Méi beweegen, entdecken, erliewen“ déi Mëtt 2025 vum Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse an d'Liewe geruff ginn ass.

Et handelt sech dobäi ëm eng mobil Tour, déi a **verschiddene Gemengen** am ganze Land stattfënnt. Si kombinéiert Aktivitéiten zu den Themen Wuelbefannen (Good), gesond Ernährung (Food) a Beweeegung (Loop). Aktuell besteet se aus dësen dräi Deeler:

- **Yoga** an Entspannung
- **Kachatelier** mat Fokus op gesond Ernährung
- **Workshops zur Beweeegung** (z. B. Skateboard, Functional Training, Danz)

D'Aktivitéite lafe vun **9h00 bis 15h30** a pro Dag ass Plaz fir ronn **80 Jugendlecher ab 12 Joer**. Fir e gesond **Mëttegiessen** ass och gesuergt. D'Tour riicht sech souwuel u Lycéeën (ënnert der Woch) wéi och u Jugendgruppen (Samsdes).

D'Zil ass et déi Jonk ze motivéieren e **gesonden an ausgeglachene Liewensstil** unzehuelen an hinnen Alternativen zur digitaler Welt ze weisen.



Dir sidd intresséiert ?

Wann dir mat ärem Jugendgrupp wëllt un engem Stop vun der Tour deelhuelen da gitt op www.goodfoodloop.lu a kuckt wéini deen nächste Rendez-vous bei iech an der Géigend ass. Dir fannt do och Impressiounen vun der éischter Editioun souwéi Detailer zum Programm.

Kontakt

goodfoodloop@snj.lu





Summer Challenge

Grad wéi bei der GoodFoodLoop-Tour gëing et bei der éischter Editioun vum Summer Challenge och ëm Theme kierperlech Aktivitéit, Wuelbefannen a gesond Ernährung. Souwuel Schüler aus verschiddene Lycéeën, wei och Jonker aus ënnerschiddlechen Jugendstrukturen (Jugendhaiser, Maison Relais, etc.) hate sech Rendez-vous op der „Dikrech Plage“ gi fir dëst neit Event, enger Zort „Spiller ouni Grenzen“, auszeprobéieren.

Bei dëser ofwieslungsräicher Aktivitéit triede Jonker a Gruppe vun 3 bis 6 Persounen während 3 Stonnen géinteneen un a versichen déi verschidden Erausforderungen ze meescheren. Um Programm stinn ënner anerem Geschécklechkeetsparcoursen, Präzisiounsspiller oder actionräich Aufgaben. Déi Jonk sammelen bei den eenzelne Challengeen duerch hir Leeschtungen sou vill wei méiglech Punkten, woubäi de Grupp gemeinsam an autonom entscheet, wéi en de Summer Challenge absolvéiere wëll. Si hunn d'Méiglechkeet alles an hirem Rhythmus ze maachen a kënnen selwer entscheiden, wéi hiren zäitlechen Oflaf soll ausgesinn.

E weidere wichtege Punkt stellt den Teamgeescht duer. De Grupp beréit sech zesummen a versicht gemeinsam déi eenzel Erausforderungen ze bewältegen. Heibäi kann all Member vun der Ekip op seng Stärken zeréckgräifen a stellt domadder e wichtege Bestanddeel vum Grupp duer. De Spaass soll awer zu all Moment am Vierdergrond stoen.

Weider Informatiounen zur Offer fannt dir op www.goodfoodloop.lu





Interrail*: Eng Zuchrees am Kader vum DiscoverEU Inclusioun Programm

** DiscoverEU benotzt Interrail als seng Haaptreesformel.*

Fënnef Deeg, dräi Stied, vill Erfarungen, dat war eis DiscoverEU-Rees am Juli 2025 duerch Bréissel, Gent an Den Haag. Am Kader vum Discover EU Inclusion Programm vun Erasmus + hu mir zesumme mat fënnef jonke Leit zu Fouss, mam Zuch, Metro, Tram, Boot, Bus a Vëlo Europa entdeckt.

Eis Rees huet zu Bréissel ugefaangen un engem speziellen Dag an der Belsch, nämlech Nationalfeierdag! Um Programm war e rise Fest mat nationale Kënschtler, enger Drone-show a Feuerwierk. Et war spannend ze gesinn, wéi d'Belsch mat Freed a Stolz hir Kultur feiern. Tëscheduerch hu mir och déi symbolesch Plaze wéi d' Europaparlament, d'Grande-Place an natierlech de Manneken & d'Jeanneke Pis besicht. No de villen erliefnisräiche Momenter an der Hauptstadt giong et weider

op Gent, wou mir *d'Gentse Feesten* erliewe konnten. Dat ass ee vun de gréisste Summerfester an Europa. Iwwerall ware Bünen, Stroossekënschtler, lessen a gutt Stëmmung. Eng Bootstour duerch d'Kanäl laanscht historesch Gebaier bis bei d'Buerg Gravensteen.

Eis lescht Etapp ass iwwert Antwerpen, Rotterdam bis op Den Haag gaangen. Mir hunn déi traditionell hollännesch Vëlo gelount, sinn duerch d'Stroosse vun Den Haag gefuer laanscht d'Mier a hu vum gudde Wieder profitéiert fir e Sprong an d'Waasser ze maachen. Sportlech Momenter vu Fräiheet.

Méi wéi eng Rees: eng Léier fir d'Liewen

DiscoverEU ass net nëmmen eng Rees, mee eng Erfahrung, déi ee mat aneren deelt. Mir hunn nei Plazen a Kulturen entdeckt, nei Wieder geléiert, an och eis selwer besser kenne geléiert. Et war spannend ze gesinn, wéi vill Gemeinsamkeiten an awer och Ënnerscheeder et tëschent de Länner a Mënsche gëtt, an awer och wéi eenzel a speziell all Stad ass. Mir hunn nei Stied gesinn, mee virun allem nei Säite vun eis selwer entdeckt – an dat mécht Reesen esou wäertvoll.

Déi fënnef Deeg waren intensiv, mee mir si glécklech zeréckkomm, mat villen Erënnerungen, neien Erfarungen an engem méi staarke Gefill fir Europa.

„Vum Zuch aus gesäit een, wéi no Europa eigentlech ass – a wéi vill Fräiheet an engem eenzegen Ticket stécht.“

„Du kanns mat engem eidele Rucksak kommen, an engem gefüllten zeréckkomme mat lauter Erfarungen.“

„Spontan ass dat besch. Weess een ni, wat geschitt!“

„De Rucksak war eisen Outil, fir d'Komfortzon ze verlossen.“

„Et war bal wéi eng Vakanz, just datt ech vill Saache bäigeléiert hunn.“

Zitater vu Jonken





WAS IST DISCOVEREU?

youth.europa.eu/discovereu


- DiscoverEU ist eine EU-Initiative unter dem Erasmus + Programm, die Jugendlichen im **Alter von 18 Jahren** die Möglichkeit bietet, Europa zu bereisen.
- Man kann sich bewerben, um ein **Reiseticket** zu erhalten (häufig mit dem Zug), um innerhalb eines bestimmten Zeitraums zu reisen – zwischen **1 und 30 Tagen**.
- Zusätzlich gibt es eine DiscoverEU-Rabattkarte, z. B. für die Unterkunft.
- Voraussetzungen sind u.a.: man muss 18 Jahre alt sein, Staatsbürger oder Einwohner eines Mitgliedstaates der Europäischen Union oder Erasmus + Programm assoziierten Landes, es gibt ein Auswahlverfahren.



WAS IST DIE DISCOVEREU-INKLUSIONSAKTION?

erasmus-plus.ec.europa.eu

- Das Ziel der Inklusionsaktion ist es, **junge Menschen mit geringeren Chancen** zu erreichen, die ansonsten von der Teilnahme ausgeschlossen oder benachteiligt wären.
- Altersrahmen hier: **18- bis 21-Jährige**.
- Gefördert werden Projekte, die Gruppenmobilität (1–5 Teilnehmende) über Organisationen oder informelle Gruppen ermöglichen, nicht nur individuelle Reisen.
- Wichtig: Unterstützung vor, während und nach der Reise.



50 Joer Jugendzenter Huelmes

Zanter 1975 erméiglecht den Zenter zu Huelmes Kanner a Jugendlechen d'Natur mat alle Sënner ze erliewen, ze verstoen an ze schätzen. D'Equipe „Natur erliewen“ bitt eng Villfalt un Aktivitéite fir Kanner- a Jugendgruppen un, souwéi Weiderbildungen am Beräich vun der Natur- an Ëmweltdidaktik.

D'Leitmotiv vun den Aktivitéiten ass dat gemeinsaamt Erliewen, Begräifen a Maachen an der Natur. D'Erliewe fënnt a verschiddenen Naturräim statt: Am Bësch, bei de Weieren vun der Maandelbaach, am Beienhaus an um pädagogesche Bauerenhaff am Mariendall. Fir dëse ronne Gebuertsdag ze feieren an de Leit d'Aarbecht vum Zenter méi no ze bréngen, gouf e villfältige Programm fir Grouss a Kleng opgestallt.



JANUAR

Aweigung vun der Wiederstatioun beim Zenter zu Huelmes. Virwëtzeg, wéi d'Wieder grad ze Huelmes ass? Maach dir e gratis Account op der WeatherLink App a wiel d'Statioun „Hollenfels SNJ“ aus.

FEBRUAR

Ouverture vun der Rapacenausstellung iwwert Gräifvullen fir Familljen, encadréiert vun enger ganzer Rei flotter Aktivitéiten.

MÄERZ

Grouss Konferenz zum Thema „Climat Education“ fir Professioneller aus dem Beneluxraum.

MEE

D'Schoulklasse vum Campus Helperknapp konnten den edukative Musicaltheater 'Das Apfelkomplott' entdecken an dono gouf et nach en Atelier zum Thema Beien.

JUNI

- Beim NaTOURerliefnisdag huet den Zenter seng Diere fir de Grand Public opgemaach.
- Mat engem Walking Dinner am Park hunn all déi aktuell a fréier MataarbechterInnen, KolleegInnen a PartnerInnen zesumme op de ronne Gebuertsdag ugestouss.

OKTOBER

Um Hieschtufank gouf nach een Drénkwaasertour organiséiert fir méi iwwer d'Quellen ëm Huelmes gewuer ze ginn.

MIR SINN OCH DÉI NÄCHST 50 JOER (MINDESTENS) FIR IECH DO.

Wann dir Loscht kritt hutt eisen Zenter an eis Aktivitéite kennenzeléieren dann zéckt net op erliewen.snj.lu ze goen an do déi ganz Offer ze entdecken.

Mobile Maker-space

De Jonken d'Méiglechkeet ginn sech kreativ ausgedrécken



Kreativ Ënnerstëtzung

Duerch de Mobile Makerspace kënnen sech Jugendhaiser kreatiivt Material fir hir Jonker gratis ausléinen. D'Material ass wéi eng Aktiounskëscht opbereet, esou datt een direkt alles huet fir starten ze kënnen. Zwee Ziler gi verfollegt: Kreativitéit bei Jonke fërderen a Jugendhaiser ënnerstëtze fir kreativ Aktivitéiten einfach an hire pädagogeschen Alldag integréieren ze kënnen. Den Accès zu kreative Ressourcë soll esou einfach wéi méiglech sinn – ouni grouss Käschten, ouni laang Virbereedung, mee mat konkretem Material, Inspiratioun a praktescher Ënnerstëtzung. D'Material gëtt aus ganz verschidde Motiver ausgeléint: mol als Aktivitéit op engem Stand, als Workshop oder awer als Fräizäit-Optioun bei enger Jugendbegéiung.




Kreativ Tools

Zum Material, dat geléint gi kann, gehéieren: Schneideplotter, 3D Stëft, micro:bit, Punch Needle a Bitzmaschinn. Mam **Schneideplotter** kënnen prezis Formen op Vinylfolien ausgeschnidde ginn. Domadder ginn di Jonk zum Designer an upgraden hir T-Shirten oder Tote Bags, dekoréieren hir Bidonen oder ginn de Maueren a Fënstere vum Jugendhaus en neie Look. Den **3D Stëft** erméiglecht d'Zeechnen an dräi Dimensiounen mat engem meditativen Effet. Dobäi kënnen Formen wéi zum Beispill Blummen, kleng Fussbäll oder Tetris-Bléck erschafte ginn. De **micro:bit** ass e kleng Kontrollor mat engem Display, 2 Knäppercher an engem Bewegungssensor. Domadder kann ee ganz einfach Schnick, Schnack, Schnuck an aner Spiller programméieren. Et sti vill Tutorials zur Verfügung, sou datt ee weder als Jonken nach als Educateur an Educatrice Virerfahrung am Programméieren hu muss. Mat der op Tiktok beléiften **Punch Needle** gëtt Woll duerch Stoff gestach an esou kleng Teppecher produzéiert. Dës ass eng flott Aktivitéit fir Fokus a Gedold ze üben. D'**Bitzmaschinn** gëtt fir ënnerschiddlech Projete benotzt: Upcycling vun ale Kleeder, Halloween Preparatioun, Petzie fir als Kaddo ze verschenken oder Këssebeziech fir et sech am Jugendhaus gemittelt ze maachen. D'kreatiivt Material ass um Site base1.lu/mobile-makerspace ze gesinn. Do ass och fir all Material genee opgeléist wat an engem Set dran ass. Nieft den Tools selwer ass alles dobäi fir direkt starten ze kënnen, inklusiv Verbrauchsmaterial. Opgeléist sinn och Ressourcen, déi Erklärungen an Inspiratioun bidden. Dës gi mat der Zäit ëmmer méi ausgebaut. D'Material ka vun enger Woch bis zu 2 Méint vun de Jugendhaiser reservéiert an am Forum Geeseknäppchen zu Hollerech ofgehol ginn. Do kréie si dann och, au Besoin, eng Aweisung. Natierlech kënnen déi verschidde Sets och méi wéi eng Kéier reservéiert ginn, ganz nom Besoin vum jeeweilege Jugendhaus.

Weider Informatiounen:

Bei Froen oder Virschléi fir de Mobile Makerspace kënnt dir iech u mobilemakerspace@base1.lu wenden.

De Mobile Makerspace ass eng Offer vum Makerspace Base1 vum Service national de la jeunesse.





StudioStar: Kreativer Jugend- austausch für Menschenrechte

3. Edition in Luxemburg

StudioStar bringt junge Menschen aus ganz Europa zusammen, um sich kreativ mit Menschenrechten auseinanderzusetzen. Die Initiative vom Service national de la jeunesse (SNJ) und dem Allgemeinen Dienst Jugendtoerisme (ADJ) Belgien ist Teil der Jugendzentren-Plattform des Europarates und steht für Engagement, Vielfalt und starke Stimmen junger Menschen.

2025 haben 50 Jugendliche aus 8 Ländern – Luxemburg, Deutschland, Belgien, Finnland, Rumänien, Griechenland, Irland und Portugal – beim internationalen Austausch mitgemacht. Gemeinsam haben sie sich mit Menschenrechten beschäftigt und ihre Ideen in spannende Medienprojekte verwandelt.

Die Highlights von StudioStar 2025

Junge Stimmen, kraftvoll und bunt zusammen, und Workshops, die Menschenrechte lebendig, hörbar und sichtbar machen.

- **Performance mit Lis Dostert:** Unter Anleitung der luxemburgischen Künstlerin entwickelten die Jugendlichen eine politisch und emotional kraftvolle Bühnenperformance. Die Auseinandersetzung mit Menschenrechten wurde hier über

Körper, Stimme und Ausdruck intensiv erfahrbar gemacht.

- **Late Night Show aus der Media Factory:** In dieser jugendgeleiteten Live-Talkshow wurden Interviews geführt, Kurzfilme präsentiert und Diskussionen rund um Menschenrechte inszeniert. Dieses Format förderte Medienkompetenz sowie kritische Auseinandersetzung auf Augenhöhe.
- **Audio-Workshop mit Chris Birgen:** In einem inklusiven Workshop entstand ein multilingualer Song zu Menschenrechten, der die Stimmen und Muttersprachen der Teilnehmenden einbezog und so die Bedeutung von Diversität und gegenseitigem Respekt unterstrich.
- **Visual Art mit Boy Frome Home:** Mit dem künstlerischen Medium Linoldruck wurden eindrucksvolle, nachdenklich stimmende Bilder zu Menschenrechtsfragen gestaltet. Diese visuelle Umsetzung regte zur Reflexion an und bot einen non-verbalen Zugang zum Thema.



STUDIOSTAR 2026

Sei dabei wenn Kreativität auf Haltung trifft.

Du brennst für Menschenrechte und willst kreativ etwas bewegen? Mach mit bei StudioStar und gestalte die Zukunft mit deiner Vision!

Kontakt und weitere Informationen:
cinfontaines@snj.lu

Game On Ënnerwee – Spielen unterwegs erleben

Mit dem Projekt *Game On Ënnerwee*, einem umgebauten VW Bulli, bringt die junge Vereinigung Game On a.s.b.l. das Kulturgut Spiel direkt zu den Menschen – auf öffentliche Plätze, in Jugendhäuser, Schulen oder zu Festivals. Herzstück des Projekts ist der bunte Spielebus, der Begegnung, Austausch und gemeinsames Erleben ermöglicht.

Spielen verbindet – besonders für junge Menschen

Die Grundidee ist einfach: Spielen verbindet. Für Kinder und Jugendliche bedeutet Spielen weit mehr als Unterhaltung – es eröffnet ihnen Räume zum Ausprobieren, stärkt ihre Kreativität und vermittelt wichtige soziale Kompetenzen. Ob klassisches Familienspiel, pädagogisch wertvolles Lernspiel oder modernes Gesellschaftsspiel – *Game On Ënnerwee* schafft Erlebnisse, in denen junge Menschen neue Rollen erproben, Regeln aushandeln, Verantwortung übernehmen und gemeinsam mit anderen Spaß haben. Viele Jugendhäuser berichten, dass ihre Besucher:innen durch die Spielaktionen leichter miteinander ins Gespräch kommen, Konflikte spielerisch gelöst werden und selbst Jugendliche, die sonst schwer zu erreichen sind, aktiv teilnehmen. Pädagog:innen schätzen die Spiele zudem als niederschwellige Möglichkeit, Selbstbewusstsein, Teamgeist und Problemlösefähigkeiten zu fördern.

FORTBILDUNGEN FÜR FACHKRÄFTE

Neben offenen Spielaktionen vor Ort bietet Game On a.s.b.l. auch gezielte Weiterbildungen für Fachkräfte an, die das Spiel bewusst in ihrer pädagogischen Arbeit einsetzen möchten. Rückmeldungen aus dem Jugendbereich zeigen, dass gerade solche praxisnahen Fortbildungen dabei helfen, Spiele nicht nur als Freizeitbeschäftigung, sondern als wertvolles Werkzeug in der Jugendarbeit einzusetzen.

SPIELKULTUR ALS TEILHABE

Game On Ënnerwee steht damit ganz im Zeichen der Ziele der Vereinigung: das Spiel als Werkzeug für Bildung, Inklusion und kulturelle Teilhabe zu fördern. Denn Game On a.s.b.l. organisiert nicht nur mobile Animationen im ganzen Land, sondern richtet auch jedes Jahr das Game On Festival, das größte Spielefest Luxemburgs, aus. Ein fester Bestandteil davon ist der Educator's Day, der speziell für Fachkräfte aus Bildung und Jugendarbeit entwickelt wurde.

EIN PARTNER FÜR JUNGE MENSCHEN UND IHRE BEGLEITER

Durch die Kombination aus mobiler Spielanimation, gezielten Weiterbildungen und einem großen jährlichen Festival versteht sich Game On a.s.b.l. als Kompetenz- und Ressourcenzentrum für Spielkultur – und als verlässlicher Partner für alle, die das Potenzial des Spiels für Gemeinschaft, Kreativität und Lebensfreude nutzen möchten. Besonders Jugendhäuser profitieren davon, ihren Besucher:innen über *Game On Ënnerwee* neue Impulse und positive Erlebnisse im geschützten, aber zugleich offenen Rahmen des Spiels zu ermöglichen.

Für Buchungen oder weitere Informationen:
gameonletzebuergspillt@gmail.com



Appel

à projets

re Nature

restaurer la biodiversité



Vous avez une idée pour protéger ou renforcer la biodiversité au Luxembourg ? C'est le moment de la réaliser !



L'Œuvre Nationale lance l'appel à projets reNature 2 et met à disposition une enveloppe totale de 750.000€ pour soutenir des initiatives concrètes et positives. Chaque projet peut recevoir jusqu'à 50.000€.

 **œuvre
nationale**

Toutes les infos sur
œuvre.lu/fr/renature-2

MOVE

CREATE

SAVE THE DATE

JUGENDFESTIVAL 2026

MÄTTENDRAN

11 JUL 2026

Amphitheater Kierchbiert

PERFORM

FOOD

De
Jugend-
secteur

Jugendhaier
Jugendorganisationen
Jugendseviceer

jugendfestival.lu